N°1126
Entrée le 30.09.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1126 vum 28 August 2024 vum honorabelen Députéierten Jeff Engelen an vum honorabelen Députéierten Fred Keup zum Sujet "Intervention de la police lors d'une rave party illégale prés du lac de la Haute-Sûre"**

**Fro 1: Wéi ass et an den Ae vum Här Minister ze veräntwerten, datt net schonn an der Nuecht selwer agegraff gouf, fir déi illegal Party opzeléisen?**

**Fro 2: Wéi ass et an den Ae vum Här Minister ze veräntwerten, datt d'Police net agegraff huet mam Argument, datt just "een Accès op de Site" gefouert hätt an et "däischter" war?**

D'Police huet am Kader vun hire gesetzleche Kompetenze bei esou engem Evenement gehandelt an d'Decisioun gouf an Ofsprooch mam Buergermeeschter vun der Stauséigemeng an den zoustännege Justizautoritéite geholl, nodeems eng Evaluatioun vun der Situatioun gemaach gouf.

Ech verweisen op de Pressecommuniqué vun der Police vum 26. August 2024 betreffend der illegaler Rave-Party an deem d'Police hier Interventioun detailléiert huet an ech verweisen och op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 1125.

**Fro 3: Heescht dëst, datt d' Bevëlkerung an därer Logik net méi mam Agräife vun der Police rechne kann, wann et "däischter" ass an et just "een Accès" op e menacéierte Site gëtt?**

**Fro 4: Ass et an den Ae vum Här Minister net irresponsabel, datt eis Police net capabel ass, zu all Moment kënnen anzegräifen, wann et zu manifesten Illegalitéite kënnt? Wou läit hei d' Responsabilitéit vun der Policedirketioun?**

D'Bevëlkerung kann sech zu all Moment op eng Interventioun vun der Police verloossen. Déi genau Ofwécklung vun engem Incident berout ëmmer op enger Risikoaschätzung vun der Police. D'Sécherheet vun alle Betraffenen huet Prioritéit .

D'Organisateure vun der Rave-Party konnten identifizéiert ginn. E Procès-Verbal gouf geschriwwen an un d'Justizautoritéite weidergeleet.

**Fro 5: Ginn et nieft deene vun der Policedirektioun genannte Grënn nach aner Grënn, firwaat net mat Zäiten agegraff gouf? Wa jo, wat sinn dës Grënn?**

Nee.

Lëtzebuerg, den 30. September 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN